



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Aussen- an Europaminister, Minister fir Immigratioun an Asyl op d'parlamentaresch Fro n° 5968 vum 22. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser.

1. Verfügt d'Regierung iwwert Zuelen, wéi vill russesch Staatsbierger scho säit dem Ufank vum Ukrain-Krich op Lëtzebuerg komm sinn, fir héi Asyl ze froen?

2022 huet nach kee russesche Staatsbierger eng Demande op internationale Schutz zu Lëtzebuerg agereecht.

2. Ass d'Regierung bereet, fir an hire Kontakter mat der russescher Federatioun, niewent engem séiere Waffeställstand an der humanitärer Noutlag an der Ukrain, och déi politesch Fräiheet a Russland ze thématiséieren?

Lëtzebuerg setzt sech op allen Niveauen a sénge Relatioune mat Russland fir demokratesch Grondrechter an hire Respekt, dorënner d'Meenungsfräiheet, an.

Lëtzebuerg, den 14. Abrëll 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier Bettel